N° 7636
Entrée le 21.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Een Artikel op der Website *correctiv.org* beriicht iwwert ee Video, an deem déi zu Lëtzebuerg usässeg Firma GCore Verbindunge mat der russescher Regierung weist. Am Video wier ze gesinn, dass den deemolege Chef, de Shurygin, dee fir déi russesch Aktivitéite vun GCore responsabel war, mam russesche Vizepremier Medwedew iwwert eng Ënnerwanderung vu lëtzebuergescher Software diskutéiert. Am Artikel heescht et:

> Eine neue Software für Online-Arztgespräche liefe gut an, sagt Shurygin, sie hätten sie in Luxemburg „eingeführt". Die Runde lacht. Shurygin hatte einen Sprachwitz gemacht, der nur im Russischen funktioniert: „Eingeführt" also внедрять ‚vnedryat', ist doppeldeutig. Es kann auch als „eindringen" oder „unterwandern" verstanden werden. Sie hätten also Luxemburg unterwandert. Medwedew sagt: „Ich hoffe im Auftrag des Staates". Und sie lachen nochmal.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, datt GCore den eConsult fir eSanté (oder liéiert Servicer) entwéckelt huet?
2. Wei ass séchergestallt, datt d'Gespréicher tëschent Patient an Dokter net vum russesche Staat ofgelauschtert ginn?
3. Wei eng Garantië ginn et, datt d'Daten vun eSanté tatsächlech just zu Lëtzebuerg hebergéiert ginn? Gouf dozou schonns en Audit gemaach?
4. Wei eng Schrëtt envisagéiert de Ministère als Suite vun dëse Revelatiounen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten